Bieles, den 26.08.2021

**Den Handball Bieles definitiv e Veräin an der Gemeng Suessem**

Nodeems den Handball Bieles am Februar 2021 ob enger ausseruerdentlecher Generalversammlung entschee huet, d'Aktivitéite vun der Gemeng Beetebuerg an d'Gemeng Suessem ze verleeën, hu sech déi Responsabel vum HBB zesumme mat der Gemeng Suessem ob eng Testphase gëeenegt. Dës Testphase, déi als Gedanken hat, dass sech béid Parteie besser kenne léiere konnten, ass dëse Summer ofgelaf.

Op der Generalversammlung vun der Handballfederatioun goufen déi nei Statute vum HBB, an domat och den Numm *Handball Bieles*, scho vun de Veräiner guttgeheescht.

Ma och vu Säite vun der Gemeng Suessem krut de Club déi definitiv Entscheedung matgedeelt, dass den Handball Bieles offiziell als Veräin vun der Gemeng ugeholl ginn ass, an et domat fir déi nei Saison elo e festen neie Veräin an domat och eng nei Sportaart an der Gemeng Suessem gëtt: den Handball Bieles!

All déi Responsabel an och d'Spiller vun den Equippen sinn der Gemeng Suessem dankbar fir d'Vertrauen an d'Ophuelen vun eisem Club an hirer Gemeng! Mir freeën eis, op vill flott Momenter, ob sportlech oder kulturell, an hoffen den Awunner vun der Suessemer Gemeng, der Ëmgéigend ma och all anere Spectateur deen eis kucke komme well, vill flott Momenter bidden ze kennen.

Elo wäert sech den Handball Bieles ob déi nei Saison konzentréieren, déi wéi et sech fir e soit-disant neie Club gehéiert, mat neier Uniform gespillt wäert ginn. Seng Matcher wäert den HBB am Kannercampus um Belval spillen, enger neier Sportshal, déi eréischt dëst Joer opgemaach huet. Hei huet de Club och schon seng Testphase gespillt.

Den Handball Bieles start mat engem Kader vun 20 Dammen, ënnert dem Trainer Laszlo Toth, an 23 Hären, trainéiert vum President vum Club Jérôme Ewen, an déi nei Saison

De Conseil d'administration vum Handball Bieles

**Handball Bieles A.S.B.L.**

20, rue Marguerite Thomas Clément
L-4429 Belvaux

(+352) 621 156 830
www.handball-bieles.lu

Banque : CCPL
IBAN : LU74 1111 0678 0397 0000
BIC : CCPLLULL